ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden:

Säit der COVID-19-Pandemie am Mäerz - verbonne mat engem allgemengen Ausgangsverbuet - huet och d'Police verännert Asätz ze verzeechnen.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un den Här Minister riichten:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt sech d'Grënn fir d'Noutwennegkeet vun engem Policeasaz säit der COVID-19-Pandemie verännert hunn? Wa jo, kann den Här Minister kuerz op d'Natur vun dëser Verännerung agoen?
2. Kann den Här Minister confirméieren, datt sech och d'Heefegkeet vun de Police-Interventioune verännert huet? Wa jo, a wéi engem Ëmfang?
3. Wéi huet sech d'Problematik vun der Gewalt am Stot wärend der COVID-19-Pandemie entwéckelt am Hibléck op d'Heefegkeet an d'Brutalitéit vun den Delikter?
4. Ginn et am Hibléck op d'Problematik vun der Gewalt am Stot regional opfälleg Entwécklungen?
5. Gouf et an deene leschten zwee Joer eng Steigerung vun den Delikter vun haislecher Gewalt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten